



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 9. Abrëll 2020.

Rapport vun der Vidéokonferenz vum Mëttwoch 8 Abrëll 2020.

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé(e)
GILLES Joël	GJ	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Secretär	•	
HAAG Serge	HS	President	•	
HEIDERSCHIED Dan	HD	Member	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
KEISER Claude	KC	Member	•	
MORANG Misch	MM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member	•	
SPAUTZ Richard	SR	Vizepräsident		•
TREIS Laurent	TL	Member	•	

Start vun der Sëtzung: 18:30h

Den Ëmstänn no hunn de President an d'Memberen vum Comitée sech entscheed fir eng weider Vidéokonferenz ze halen fir kënnen e puer Punkten ze beschwätzen.

Et sinn folgend Punkten op d'Dagesuerdnung komm a beschwat ginn:

1. EMAILADRESSEN

- HD** Mir müssen kucken wat mer mat den Emailen di un den Heng Jungels geleet ginn machen, solle mer déi einfach läschen mat de Konsequenzen di dat beinhabt oder solle mer villäicht wéider leeden un e Comitéesmember?
- HS** Besteet do keng Méiglechkeet fir eng automatesch Äntwert ze schécken wou deejeingegen deen se verschéckt huet e standard Text kritt mat enger Email wou e seng Demande kéint noschécken? Den Dan këmmert sech dann ëm de Suivi dovun.
- JF** Di selwecht Prozedur misst jo och fir dem Luss an dem Arsène seng Email gemach ginn. Dobäi missten mer nach beim Arsène drun denken fir d'Archiven all sichen ze goen (dorëms kann ech mech këmmere) fir déi an eisem Lokal dann ze halen.

Secrétaire/ Secretary:

Sandro GONCALVES
E-mail : sandro.goncalves@ucdippach.lu;- Mobile : (+352) 621 38 28 68
www.ucdippach.lu

1, rue Albert Bosseler L-4977 Bettange/Mess

2. SPONSORING

Allgemeng huet et geheescht :

D'Sponsoren an d'Participantë missten och all Bescheed kréien datt den GP Bob Jungels ofgesot ginn ass.

Et misst een och den ënnerscheedlechen Intervenanten vum Staat Bescheed ginn, Police, Ëmwelt a Ponts et Chaussée, den **GS** këmmert sech ëm de Schreiwes.

RAPPEL:

Eis Sponsoren sinn eis wichteg an et misst een an dësem Zesammenhang hinnen et och weisen datt dat esou ass. Eng Méiglechkeet fir dat an dëser schwiereger Zäit ze machen wär datt mer hinnen en Avenant vum Kontrakt opstellen (an se informéieren per Bréif) an deem Sënn datt mer de Sponsoringvertrag ëm ee Joer einfach gratis verlängeren fir hinnen Rechnung ze droen. Den **GS** stëllt e Bréif op an deem Sënn an de FJ deelt him dann mat d'Informatiounen di e dofir brauch. Mat dëser Aktioun wéist eise Club sengen Sponsoren wi wichteg dës Bezéihung ass fir béid Säiten.

Do sinn 5 Sponsoren wou de Vertrag dëst Joer géif auslafen di dann ëm ee Joer géifen verlängert kréien, a 9 anerer di dann den Avenant géifen geschéckt kréien.

Den JF géif dann telefonesch Kontakt ophuelen no Ouschteren fir dat de Sponsoren mol telefonesch matzedeelen.

3. FEIER FIR DEN HENG AN DE LUSS

HS Den Heng wäert eis en Datum bis spéitstens Ënn August matdeelen.

De Comité huet dozou gemengt datt et villäicht e puer Schwiereregkeeten kéinten oprieden fir di Location kënnen ze kréien (ze behalen) an datt mer awer mat hinnen missen kucken wéieng Datumer machbar wäeren am lëschten Quartal vum Joer, wuel wëssend datt do och nach aner Feieren wäerten stattfannen.

4. CX VUN DIPPECH

ML Nodeems mer haut de Moien op der Gemeng waren (DL, MM & mech) kruten mer bestätegt
MM datt d'Infrastrukturen kéinten um Site gemach ginn .(Wasser, Elektresch, etc..)

Ee Propriétaire géif nach kontaktéiert ginn fir d'Parzell ofkaf ze kréien oder schlëmmstens verpacht ze kréien.

Och di Dealer vu Bësch di missten gebotzt ginn géifen keng gréisser Schwiereregkeeten stellen, do wär et unni wéideres machbar bis dann dat ze botzen, et wieren jo keng Hecken an also hätten mer keng Schwiereregkeeten wat d'Gesetzgebung betrëfft.

Et misst just nach en Termin mam Wiechter ausgemach ginn fir de Parcours ze zeechnen dee mer wéilten hunn.

Allgemeng as den Site e fantasteschen Site nieft sämtlechen Infrastrukturen (Duschen, Vestiaires, etc..).

Ee bémol géif et awer ginn an dat wär dat duerch de normalen Alldag (Schoul) mer missten kucken wéi mer dat dann ëmsetzen wa mer CX hunn (Opriichten, Ofriichten), do kéint ee sech e puer Gedanken mol machen

5. DIVERS

Email vum Heng betreffend d'Sportshal:

Mir (ML & DL) wäerten och di lëscht Email di den Heng eis geschéckt huet beäntweren ((betrëffend d'Sportshal) esou datt mer e bessi sollen agebonn ginn wann dann de Material sollt bestallt ginn fir de Sall vun der Sportshal auszestatten.

Uniformen:

ML Et wär villäicht ubruecht am Virfeld ze sondéieren ween alles en Interessi hätt fir néi Uniformen ze kréien fir datt mer deenen Léit di Interessi hunn, och kënnen eng Uniform ginn. Dat kéint ee villäicht iwwert e Courier/Email machen.

JF Mir müssen awer do net de Feeler machen fir zevill Uniformen ze bestellen fir dann se net kënnen ze verkafen, e gudden compromis vun der Unzuel hier misst do fonnt ginn.

Training (zur Info):

ML Hu jo mam Laurent e Quiz organiséiert fir den „Moral des troupes“ ze erhalen wou schon e puer Léit matgemach hunn.

Doriwwer eraus hunn ech och mol en Swift Event organiséiert deen dann Muer stattfannen wäert (cadets) an e Freideg och (débutants + juniors)

Amenagement vun eiser Camionnette:

ML Proaktiv kéint een sech villäicht Gedanken machen fir dat schon iwwert dës Phase auszedenken esou datt mer dann startbereed wieren wann et dann erëm esouwäit wier.

Den MM hëllt sech dëser Missioun un.

Ënn vun der Vidéokonferenz : 19:45h.

Nächsten Termin fir Comitéssëtzung wär dann den 29/4/2020